

Schreifweis a keen Enn ...

Gewëss: Fir all Sproochen, déi mir kennen, gëtt et eng Fassong fir ze schreiwen, eng „Orthographie“ = op däitsch riichtewech aus dem Griecheschen iwwersat: „Recht(Richtig)-Schreibung. **Bei alle Schreifweise sicht een ower zesoen ëmssoss no LOGIK!** Dofir gëtt et d'meescht nëmmen eng Manéier fir se ze léieren ... richtig: léieren an net spillen, op d'Manéier wéi mir elo aus Däitschland héieren, datt d'Kanner z. B. **just nom Ouer solle schreiwé léieren**; d'Verbesserung geng dann „herno“ kommen; e Kabes, deen dann och vun den Hauptorganisatioune vu Léierpersonal an deer beschter Press als dat an d'Fenster gestallt gëtt, wat et ass: **eng pädagogesch Verrécktheet** ... op d'Käschte vun de Kanner! Hei ass dat „Aalt“ – mat verstännege Neigkeete fir drunzegoen – nach ëmmer richtig. Et sollen Handgelenk- a Kuck-Gewunnechte vun Liesen a Schreiwen an d'Käppercher kommen ... mat deem enorm wonnerbare **„Photoapparat“ deen a jidfer normalem „Täti“ wéi eng „SIM-Kaart“ mat zegdosenden „Terabyte“ funktionéiert**. Wéi giff een da soss déi englesch Orthographie „behalen“; et dierf een sech esouguer froen, wéi et méiglech ass, dat Gewulls vun deer englescher Schreifweis um „ieweschte Späicher ze numeriséieren“, fir et emol méi „modern“ ze soen.

Iwwerleet iech emol nëmmen, op wéivill Manéieren eleng den eenzelen oder duebelen „O“ an der Sprooch vun Harry Potter ausgeschwat gëtt. Net ëmssoss huet ee vun de gréissten Englesch-Schreiwerten, de G. B. Shaw, de Geck mat der Schreifweis vu senger Mammesprooch gemaach: GHOTI, dat misst ee „FISH“ liesen: „gh“ wéi bei „enough/inaff“, „o“ wéi beim Pluriel vu „woman“ „ti“ wéi bei „national/näschenel“. Et freet een sech am Fong, **wéi et méiglech ass, datt esou e „Getëlter“ a Kannerkäpp erageet**; milliardefach; ower wéi?

Am Franséischen dierf een sech dann emol froen, firwat deen „c“ bei science ass an da „séance“ einfach mam „s“ geschriwwé gëtt, d'Schlusssilb zwar d'selwecht klénkt, mä anescht muss buschtawéiert ginn. Jojo, ech héieren ewell: dat eent kënnt aus dem laténgesche „scientia“, dat anert ass vu „sedere“ ofgeleet ... fir déi, déi en Donst vu Latäin hunn, gellidirmajodajee. Anerer schwätze vun „historesch“ oder „grammatesch/semiologesch“ bedéngt. Uff.

Firwat schreiwé mir am Däitschen **de „laangen e“-Laut** dräimol anescht: *Segel, Seele, Seele*? A fannen näischt dobäi, datt dat „nun emol sou ass“, basta!? An ower behale mir dat; firwat?

Déi eng explizéieren d'Saach mat Grammatik, anerer dinn et mat historeschem Fong auserseen ... mä och dat bréngt knapps eppes beim Léiere vun egal watfir enger Orthographie, déi jo dann elo „do iwver“ vun engem Superclub vu spezialiséierte Spezialspezialisten hire „ph“ geklaut krut. **Fir et dann och nach gutt duercherneen ze maachen, huet den „F“ et ower net bis bei „Philosophie/Philologie/Physik“ gepackt** ... Firwat solle mir déi ganz Hiermiddegkeeten da misse fir eis Sprooch matmaachen, apaart well d'Franséisch an d'Englescht jo glat net matspillen an d'Quell respektéieren, vu wou et hierkënnt; loosst mer dach einfach dem Téléphon säi „ph“ bäibehalen... leider hunn absolut seriös Publikatioune wéi z. B. de „SPIEGEL“, d'„Frankfurter Allgemeine“, d'„Süddeutsche“/„Zeit“/„Welt“ sech „déi aner Säit“ emol net géint déi Klatzkäpp vu „Reformer“ a Politiker kënnen duerchsetzen; den „Duden“ huet sech „de Gudde mat deem Orthographie-Gewulls, de „Reprinten“ ugedunn (Ausdrock?), Stéchwuert: Lobbying! ... ower brauche mir dat fir d'Lëtzebuergesch?

Kadaster a Flouernimm

Wat mir haut als Kadaster verstin, dat ass bei sengem Ufank net esou geduecht gewiescht. Et guff géint d'Enn vum 18. Joerhonnert, net nëmme fir den „Duché de Luxembourg“, mat enger „Bestandsaufnahme“ **als Fong fir d'Steiere gemaach**; fir „äis“ ënert der Keeserin Maria-Theresia. No der Franséischer Revolutioun, der Napoleons-Zäit an dem Wiener Kongress (1815/16) huet dann eisen neie Kapphär Wëllem I. **déi Kadasterverwaltung ordonnéiert, déi an den 1820er Joeren hir Aarbecht hei ugefaang huet**. Haut ass dat eng vun eise speziellsten an dichtegste Verwaltunge vun eise Staat, déi sech mat hire Fach-Ingenieuren an dem Diplom-Personal uechter d'ganz Land ausbreit. Si ass och **eleng fir de Fong vun offizielle Kaarte vu Lëtzebuerg zougelooss** a schafft fir „d'Cartographie“ mam Ausland an de wichtigste Gesellschaften zesummen ... déi dir iwregens duerch äre „GPS“ kennt. De richtigen Numm ass haut „Administration du Cadastre et de la Topographie“.

Den Ufank war mengerwäreg keng einfach Saach. Fachleit sinn deemools dofir aus Hessen eragehol ginn ... **déi d'Nimm vun de Stécker, Bëscher a Wisen ower net ëmmer esou dem Ouer no opschreiwé konnten oder vernannt hunn, déi d'Leit hinne genannt hunn**, vrun allem well déi hessesch Beamten eis typesch Duebellauter net „drop“ haten. Dofir dann „im Kuhweg“ fir „am Kouwee“; „auf dem Lehberg“ fir „um Léiberg“; „auf der Schleid“ aplaz „op der Schleed“; „auf oberstem Busch“ fir „um ieweschte Bësch“ (e Bësch ass jo ower kee „Busch“); oder esouguer „in der Kotzweise“ fir eng „Kouswiss“ ... do kann ee jo vläicht laachen, ower **déi meescht vun eisen Notairen hunn des koppeg Kuebereie vun deemools nach ëmmer an hiren Annonce fir**

vum Lex Roth



eng Stee stoen ... déi dann och nach gesteiht a gebeemt „Licitation immobilière“ verannt gëtt; dat mécht zwar gutt, ass ower Käbbi, well déi allermeescht dat net verstin!

Et kascht déi zoustänneg Ministären (Finanzen/Justiz) net e sëllegen, fir dem Notariat ze ordonnéieren, eis Flouernimm esou op Plakaten, an den Annoncen an Akten ze schreiwen, wéi se nun emol bei de Leit heeschen. Firwat maachen déi eng Notairen et iwregens ewell ... an déi aner net?!

Wann d'Sprangpréss(ess)iouen an d'Fourer als „Patrimoine mondial immatériel“ sollen eng Plaz kréien (eng gutt Saach!), dann dierf ee sech ower och **vläicht froen, op eis lëtzebuergesch Flouernimm / lieux-dits net wéinstens heiheim och sollten an d'Rei vum „Patrimoine“ stoe kommen**, well déi jo ganz bestëmmt zum Stack vun deem gehéieren, dat „Patrimonium“ genannt gëtt, also wat äis vun eisen Ur-Pappen, den „Unhärercher“, bliwwen ass, iwverdroe guff, oder? Mir „klasséiere“ glécklecherweis al Gebaier an Haiser (Service des Sites et Monuments) géint Verschampeléieren/Ofrappen; dann dierf jo fir **déi kleng „Sproochmonumentcher vu Flouernimm** eppes am selwechte Sënn gemaach ginn. De Minister vum „Intérieur“ kënnt z. B. iwver en „Arrêté“ d'Gemengen dozou bréngen, **am Fall vun neie „Lotissementer“ d'Vesuerge vun de Flouernimm** op deene Plazen als Conditoun fir eng Permissioun ze setzen. Et ass jo nun emol sou, datt an deene Gemenge-commissiounen och alt net elauter „Kenner“ kënnen sätzen. Mol kucken, wéi et sech hei mat de feierleche Parteie-Versprieche fir nom 14. Oktober huet. Mir halen äis un dee léiwe Sproch: **Mir ginn äis net, esou laang eng Kniddel am Dëppen ass** ... och bei enger neier Chamber a Regierung!

Klengegkeeten?

Huet dir och alt emol dru geduecht, wéi **eis Sprooch typesch präsent a Kleedungs-saachen** ass? Denkt emol – am Kader vun der „Muslimerei“ – un den Ënnerscheid tëscht engem *Këpp* an engem *Bok*. Wéi ass et mat de *Moulen* aplaz Händschen? ... hunn näischt mat „Mullen“ ze dinn. Wat hunn se an der Zäit och alt emol e *Leifchen* oder eng „Häerz-béxelche“ genannt? **Sicht emol séier dat däitsch/franséisch Wuert fir e Schongstréckel**. Wie schwätzt nach vu „Stitzercher“? Wéivill dinn der nach e „Kleedchen“ un? Wéini brauch een eng „Moff“? **Wéivill Nimm hu mir fir eng Bretelle?** Wat ass en „Unzéckert“? Wien hat fréier „Gamaschen“ un? Denkt emol iwver den Ënnerscheid tëscht *Kap* a *Kappe* no! Wat ass/war eng „Nuetszack“? Aus watfir enger Sprooch ass eis „Zupjesbox (?)“ gedruddelt ginn, a wien hat se un? Wat kruten d'Puppelcher virun de „Pampers“ un? Alles net wichteg, gelldir ... ower fir e „Quiz“!

de Mil Goerens ...

... huet äis e Wierk geschenkt – **EISER SOEN** / 3 Bänn (a jidfer zolitem Bicherbuttek ze kréien) – an deem eis Ur-Kandskanner sech nach an 100 Joer eng Nues SEEËRCHE a LEGENDEN huele kënnen. De M. G. huet an enger joerelaanger Aarbecht „de Greth“ – *Sagenschatz des Luxemburger Landes* – op Lëtzebuergesch iwverdroen, verschafft an esouguer illustréiert; eng Benediktineraarbecht, un déi hien sech och ouni senger Fra hirt Sekretariat knapps ginn hätt! Sou wéi zënter ronn 140 Joer op deem Gebitt begrëffsmisseg vum „Greth“ Rieds gong, wäert an den nächste Generatiounen einfach vum „Goerens“ geschwat ginn ... dat ass bis wäit iwver d'Graf eraus de schéinsten a verdéngte Merci fir dee Mil-Mann!

D'Actioun-Lëtzebuergesch steet an deer éischer Rei, fir dem Här Goerens den 10. November zu Izeg am Veräinslokal, mat der Sëlwer-Éiereplack „Dicks-Rodange-Lentz“ hir Bewonnerung an e grouse Merci ze soen.

Mir gi stëmmen

Dat war **an der Zäit nach laang net fir jidferen** ... a bis 1919 fir d'Fraen iwverhaapt net! Hei ass d'Plaz jo net fir eng kleng Léier iwver de Begrëff vun „Demokratie“ ze ginn; et wier ower vläicht net iwwel, wann een haut vun deer „Demokratie“ an dem Verloscht vu Fräiheet giff schwätzen, déi sech an e sëllege Länner breet maachen; ower: Fräiheet versteet ee jo zesoen nëmmen ... wann een se net huet!

Dëst Wahljoer fällt et ower op, datt **eis Sprooch an de sougenannte wichtigste Parteien en décke Steen am Briet** huet. Ass dat gutt? Op jidfer Fall net schlecht fir dat „Heeschekand“ vu Lëtzebuergesch, dat vru 50 Joer, trotz deem memorabelen 10. Oktober 1941, kee Saz, net emol e Wuert wert war ... an haut ouni d'ACTIOUN-LËTZE-BUERGESCH, hirt Gebruets a „Gerocks“ souzesoen „am Biischeschaf“ geng stoen. Beweiser? Kéipweis! Mir hoffen, datt sech och no deer Stëmmerei alt nach e bësse (verstännege) un eis Sprooch – als Stéck vun eise „Gesicht“, der „Identitéit“ – erënnert gëtt; mat net zevill Gedäisch a schaarf, mä seriös an zolitt. Dofir dann hei eng (spasseg) Plakaten-Zos:

Mir hunn e Plang + Zesummen + Fir eis(er) Sprooch + eng Zukunft op Lëtzebuergesch ze ginn ... Mä da maacht et, roueg a verstännege! Mir vun der AL wënsche jidder Kandidat vill Chance, deen dat wierklech éierlech mengt ... vrun allem och prett ass, fir **dem Lëtzebuergesch en seng verdéngte Plaz an eiser Verfassung ze hëlefen!**